ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2015

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Infrastrukturen an un de Här Premierminister weiderzeleeden.

Am Januar 2002 ass d'Spezialkommissioun fir d'Studien iwwert d'Spoliatioun vu jiddesche Gidder zu Lëtzebuerg an de Krichsjoeren 1940 – 1945 (Commission spéciale pour l'étude des spoliations des biens juifs au Luxembourg pendant les années de guerre 1940-1945) eng éischter Kéier zesumme komm. Den 19. Juni 2009 huet des Spezialkommissioun hire Rapport de Regierung iwwerreecht. Zanterhier ass op dësem Dossier kee Fortschrëtt méi ze erkennen.

Dowéinst wéilt ech Här Premierminister dës Froe stellen:

1. *Hunn déi successiv d'Regierungen zanter dem Juni 2009 Konklusiounen aus dësem Rapport gezunn, an dës z.B. an engem Regierungsrot festgehale ginn ?*
2. *Sinn, op Basis vum dem Rapport, konkret Schrëtt ageleet ginn? Sinn, z.B., geschiedegt Bierger op Grond vun neien Erkenntnisser entschiedegt ginn ?*
3. *Wann d'Äntwert op déi zwou éischt Froe negativ wären, denkt déi aktuell Regierung drun, Konklusiounen a konkret Schrëtt aus dem Rapport vun der Spezialkommissioun fir d'Studien iwwert d'Spoliatioun vu jiddesche Gidder zu Lëtzebuerg ze verbanne mat de Suite aus dem aktuelle Rapport iwwert de Rôle vun der Verwaltungskommissioun während dem zweete Weltkrich („Rapport Artuso“) ?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten